# Wien hätt geduecht, datt Renert, de Fuuss, ewech do bléif?

*Reaktioun op dem Claude Mangen seng Kulturchronik, veröffentlecht am* forum *Nr. 282 vun Dezember 2008.*

Serge Tonnar

*Se koumen all mat Träppen,*
*'T gesouch ee bal keen Enn,*
*Zu Fouss an op de Fliichten,*
*Mat Schniewelen a mat Zänn.*

*A wann och kee géif feelen,*
*Dat wier dem Kinnek léif:*
*Wien hätt geduecht datt Renert,*
*De Fuuss, ewech do bléif?*

*(Michel Rodange, Renert, 1872)*

D'TheaterFest vum 21. September 2008 huet d'TheaterFederatioun mat der Zeremonie vum „Gëllene Renert" gekréint. De Renert war ugekënnegt als Präis vun de Lëtzebuerger Theateren, nom Virbild vum Filmpräis. Owes selwer huet sech dunn erausgestallt, dass dat Ganzt eng Farce war, eng Parodie op all déi Präiszeremonien, wou jidderee sech ganz eescht hëlt, wou sech géigesäiteg op d'Schëller geklappt gëtt a wou d'Politiker an d'Klatschpress vu wäit a vun no sech d'Patt an de Patt ginn.

A senger Kulturchronik um Radio 100,7 behaapt de Claude Mangen elo, mir hätten domadder eis Artisten onwichteg a kleng gemaach, an dofir dierfte mer eis net wonneren, wann d'Press léiwer iwwer déi international Stare schwätze géif. Ech respektéieren de Claude, e laangjährегen Aarbechtskolleg, an ee vun deenen, déi mech an den Theater agefouert hunn, awer hei kann ech em net Recht ginn. Wann ee vis-a-vis vu sech selwer a senger Aarbecht Humor beweist, heescht dat nach laang net, dass ee sech doduerch onwichteg a kleng mécht. Ech gesinn och net firwat dowéinst manner sollt iwwert eis Kënschtler a méi iwwert „international Stare" geschwat sollt ginn. Myriam Muller, Jules Werner, Marc Olinger, Jemp Schuster, Claude Frisoni, Philippe Noesen, Fernand Fox a Max Thommes, déi Kënschtler, déi bereet waren, bei dëser Zeremonie matzemëschen, verdéngen am Géigendeel de gréisste Respekt, dofir kann ech dës Kritik och net onbeäntwert loossen. Souguer d'Staatssekretärin fir Kultur, d'Octavie Modert, war bereet an enger Karikatur vu sech selwer opzetrieden. Schued, dass weder de Claude nach soss ee vum Radio 100,7 do war, si hätte gemierkt, dass hei den Theater net kleng, mä ganz grouss geschriwwe gouf, an eis Kënschtler dat gemaach hunn, wat se am Beschte kënnen: Theater spillen, an dat mat engem (selbst-)kritesche Bléck op d'Lëtzebuerger Kulturliewen.

Dës eemoleg Aktioun bedeit och net, dass d'TheaterFederatioun géint all Form vun Éierung vun den Theaterschaffenden an hirer Aarbecht ass, dat beweise mer mat onzielegen aneren Aktiounen, awer eng bëlleg Copie vun den Oscaren oder de Molièren ass näischt fir eis. D'Fro ass och, ob et iwwerhaapt un der Federatioun wär, fir hire Memberen, hiren Heiser, Produktiounen a Leit selwer Präisser z'iwwerreechen, oder ob sou eng Initiativ net aus engem aneren Eck misst kommen.

A wéi e Claude Mangen ass et elo, deen de „Gëllene Renert" kritiséiert? De Kulturredakter beim Radio 100,7? Oder den Theatermënsch, Schauspiller a Regisseur? Oder de Member vum Institut grand-ducal, Section arts et lettres, deenen hire Förderpräis en an därselwechter Chronik selwer als gutt Beispill zitéiert? Oder de Member vun der TheaterFederatioun, deen en duerch seng Aarbecht bei MASKéNADA ass, an als deen en am Viraus iwwert de Renert Bescheed wosst a gär seng Bedenken hätt matdeele kënnen? Hei vermësche sech d'Kompetenzen, dat passt menger Meenung no net alles ënnert een Hutt. Konschtkritiker a Kënschtler sinn zwee verschidde Beruffer.

Also, Claude, du ale Fuuss, näischt fir ongutt, a bleif déi nächste Kéier dach net ewech… ◆

*Serge Tonnar, onofhängege Kënschtler a Präisdent vun der TheaterFederatioun.*